

## Dat geféierlecht Iwwerliewen vun engem Beforter Zwangsrekrutierten

**V**ill Lëtzebuurger Jongen hun déi onméiglechst Weër gesoucht, fër laans déi verhaasst Wehrmacht ze kommen. En Urlaub derzou ze benotzen, fër dann ze verschwannen, sech eng Krankheet oder eng Verletzung selwer oder mat Hëllef vun anere bäizebréngen, war keng Raritéit.

En apaarti riskéierte Fall, deen et verdéngt erzielt ze gin, war dee vun engem Beforter Jong. De Misch Schmitz, gebuer zu Befort de 24. Oktober 1925, huet mat senger Elteren am Püteschhaus an der Dëijferstrass gewunnit. Hie war den Ielste vun zwéi Jongen vum Jean Schmitz a Ketty Kremer. Seng Mamm entstaamt enger aler Beforter Famill aus dem Haus "a Widongs".

De Misch gouf den 10. Januar 1943 an den Arbeitsdienst (RAD) aberouf, wou hien zu Koblenz während dräi Méint gedraht a fër d'Front virbereed gi war. Ueschléissend koum hien, ouni heem ze kommen, op Metz a Verdun bei d'Wehrmacht.

Wéi d'russesch Arméien Enn 1942 no der grousser Schluucht vu Stalingrad, déi d'Preise verluer haten, ëmmer méi zréckgehät gi sin, hu si nei Truppen an der Ostfront gebraucht, a sou koum de Misch mat dene villen, déi do agesat gouwen, a Russland.

Aus dem Partisanenasaz vu Brest-Litowsk koum en an d'Elsass, a vun do Enn 1943 erëm zréck a Russland, an déi grouss Schluucht vu Witebsk.

Bis dohi war dem Misch säi Wee dee vu villen Zwangsrekrutierten. De méintelaange Réckzug vun de Preisen huet hien am Juli 1944 no Litauen bruecht, an do war et, wou e Bréif vu senger Mamm hien erreicht huet. D'Verkaangeren, bei si ze kommen, war sou grouss, datt de Misch vun enger Geleënheet profitéiert huet, op en Zuch ze sprangen, Direktioun Westen. Sou koum hie bis op Koblenz, wou déi dräi Méint RAD vu viru 15 Méint him et sollten erlichteren, sech do ze orientéieren.

Zu Fouss huet de Misch sech op de Wee gemach, ëmmer nach an Uniform, d'Fléint um Réck, op Lëtzebuerg zou. Dräi Deeg an dräi Nuechten, ëmmer der Musel no, bis viru Waasserbëlleg. Well hien awer nët schwamme konnt, huet hien de geféierlechen Iwwergank iwwer d'Sauerbréck misse riskéieren. Zu där Zäit war duurch den Zréckmarsch vun de Preisen aus Frankreïch vill Verkéier. Hien hat awer d'Chance a koum op d'Lëtzebuurger Säit. Et war Enn August 1944, wéi de Misch eppes virun Hallefnuecht viru Rouspert laanst Bariärshaus vun der Eisebunn koum, wou eng Fra op der Hausdir stong op hire Mann ze waarden, dee vun der Schaff sollt kommen. Si hun sech Gouden Owend gesot a sou huet d'Fra gläich héieren, datt hie Lëtzebuurger wir.

D'goud Fra huet de Misch mat an d'Haus geholl, a wéi de Mann heem koum, as séier d'Uniform mam Gewier an allem, wat op een, deen aus der Wehrmacht fortgelaf war, hätt konnen hiweisen, verschwommen.

Déi feldgro Uniform gouf géint e bloe Schaffkostüm ausgetosch. Eisen Deserteur war elo bei enger goudler Lëtzebuurger Famill ënnerdag. D'Famill Feiereisen. Lett mat zwee Kanner, haten de Misch nach zeng Deeg am Haus bis zu deem Ament, wou et gënsteg war, heem kënnen ze gon. Wéi d'Krëichoperatiounen am Sauerdall eppes nogeloss hun, konnt en et riskéieren, iwwer d'Koppen op Befort zou ze gon.

Zu Konsdréf war hien an eng Kontroll vu Lëtzebuurger Miliz geroden, déi him séng Paschtouer Neyens berouf, den zu Konsdréf a Pensiouen geliewt huet. Loosst dee Jong heem bei séng Mamm gon, huet den Här gesot, et as mäi fréiere Massendéiner.

Duerch de Mëllerdall, wou hien amerikanesch Panzer begéint as, koum en op Waldbëlleg, a vun do iwwer Haler heem op Befort. Et war de 15. September 1944, wéi de Schmitz Misch als fräie Bürger a séngem libéerierte Befort bei sénger Mamm ukoum, déi ë viru bal 18 Méint verlooss hat.

Leider awer sollt de Misch sech sénger Fräiheet net laang erfräien. De 16. Dezember fängt "d'Ardenennenoffensive" un, an eis ganz Géigend gouf erëm vun de Preise besat. Bei de 37 Geiselen, déi den 22. Dezember als "sabotageverdächtig" verhaft gi waren, war och erëm de Schmitz ze Misch derbäi. Hie war an allereisster Gefar, hie war e "Wehrmachtsflüchtere", deem d'Doudesstrof bliéie konnt. No engem Verhéier durch d'Preisen, am Keller vum Haus Goebel, waren déi Beforter Geiselen an Däitschland verschleef gi. Als "Fluchtverdächtige" war



De Misch Schmitz  
1946 bei der Lëtzebuurger Arméi

de Misch awer op d'Beforter Schluss bruecht gin, wou e bei amerikaneschen Zaldoten, déi gefaange gi waren, agespaart gouw. Sie gin zesumme per Camion no Däitschland transportéiert. An engem Prisong no bei Wittlich sonner geholl an ënner d'Opsicht vun engem Poste gestallt, sollt hien engem Verhéier zougefouert gin. Et huet erëm eng Kéier nët goud fër de Misch ausgeséin. Wuel war de Kéich fër d'Preise verluer, en Deserteierten awer hätten si kalbléideg ëmgeluecht.

An der Nuecht, an där de Misch nët schlouf konnt, huet hie baussent dem Gebai Lëtzebuergesch héiere schwätzen. Et waren déi Beforter Geiselen, déi no engem laange Foussmarsch och do ukomm waren. Fër nët bräichen extra op hien opzepasst, huet de preisesche Posten hie ganz einfach erëm bei déi Beforter geluecht. Et hätt du konnen ausgeséin, wéi wann déi grouss Gefar eriwirer wir, an de Misch hat erëm Hoffnong.

Vu Wittlich aus sin déi Beforter Geiselen verschiddene Gruppen zougedeeft gin. Eilech koumen an d'KZ Hinzert, anerer op Zeltungen. Well si jo all am Verdacht stonge, Saboteuren ze sin, De Misch gong mat op Zeltungen.

Well si jo all am Verdacht stonge, Saboteuren ze sin, gouwen se no engem strenge Verhéier schaffe geschéckt. Nëmmen de Misch huet nët diirfe schaffe gon a koum erëm vun do fort op Koblenz fër e Spézialverhéier.

Hien huet wuel gewosst, wat hien erwaarde géif, huet du alles op eng Kaart gesat, an as an der Nuecht virum Verhéier fortgelaaf. Nach an der selwechter Nuecht as hien zu Fouss durch d'Frontgebidd geschlach, laanst Cochem, wou schun Amerikaner lounen. Sou koum hien op den Heleneberg bei Tréier, wou d'Amerikaner e grouss Krëichgefangenenlager ageriicht haaten. Do huet de Misch sech gemellt a gouf an dat Lager agewisen. Hie war glécklech, bei den Amerikaner ënner preisesche Krëichgefangenen ze sin. D'Haaptsaach war, säi Liewe war erëm eng Kéier gerett.

Mat de gefaangene Preisen gouf hie per Camion op d'Gare vu Waasserbëlleg bruecht a vun do mam Zug op Stenay bei Verdun. Vun do erëm virum op Compiègne an e grousslecht Krëichgefangenenlager.

De Lëtzebuurger Major Max Brahm, deen d'Missioun hat, sech ëm de Rapatriement vun de Lëtzebuurger ze këmmere, déi an deem Lager waren, huet den Heemtransport organiséiert.

Déi 191 Lëtzebuurger koume mam Zug bis op Péiteng, wou si am Hôtel Kayser zortéiert gouwen. Déi eng rechts, déi aner lénks. Déi vu rechts ware fräi, déi vu lénks (déi Freiwelleg) koumen an de Gromm an de Prisong. De Misch war natirlech bei denen, déi heem konnte gon.

Fër d'zweete Kéier fräi, koum hien heem an dat zerstéiert Befort an huet bei der Rekonstruktioun gehollef schaffen. Säi Plang war, spéider erëm a séngem fréiere Berouf als Zockerbäcker ze schaffen.

Awer nach sollt de Misch nët zur Rou kommen. Zwéi Méint no sénger zweeter Libératioun gouf hie bei d'Lëtzebuurger Militär aberouf an huet bis de Juni 1946 do gedéngt.

Eng Offer, bei der Arméi ze bleiwen, woollt hien nët unheulen. No 40 Méint meestens an Uniform, hin an hier, queesch durch Europa waren him duergaangen. En Zaldoteliewen konnt hien nët méi interesséieren.

De Misch Schmitz huet eng Plaz bei der Arbed ugeholl, as am Minett usäseg gin, huet eng Famill gegrént a sech en Haus, zum Deel selwer, gebaut. Wuel as hien elo e Minettsclapp, kënn awer nach ëmmer gäer op Befort, wou hie goud geséin as.